N° 174
Entrée le 21.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 21te Januar 2025 wéilt ech dem Minister fir Finanzen eng mëndlech Fro stellen.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°922 ass ze liesen, dass den Undeel vun den iwwer 121 Millioune Bréiwer, déi 2023 per Post verschéckt goufen, 30,5 Milliounen op staatlech Acteuren zréckzeféiere sinn, dovun iwwert 25 Millioune just op Administratiounen a staatlech Servicer. Grad Betriber kréie vun der Steierverwaltung direkt e puer Mol d'Joer Bréiwer. Geet ee bei 120.000 Betriber vu mindestens 5 Bréiwer pro Betrib pro Joer aus, sou wären dat mindestens 600.000 Bréiwer, déi eleng vun der Steierverwaltung géife verschéckt ginn. Ironescherweis ginn dës Dokumenter digital an de Systemer vun der ACD erstallt, geprint, verschéckt, nëmme fir dann nees an digitaler Form vun de Betriber gescannt ze ginn. Lëtzebuerg wëll sech als digitale Leader positionéieren. Mat der Plattform myGuichet, wou et och eng digital Bréifboîte gëtt, ass déi néideg digital Infrastruktur och schonn disponibel, kann heifir awer net genotzt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Firwat gi vun der Steierverwaltung nach ëmmer esou vill Bréiwer per Post un d'Betriber verschéckt, obwuel dëst och vill méi käschtegënschteg an zäiteffizient via de myGuichet kéint gemaach ginn?
Ass de Minister net der Meenung, dass domat wäertvoll Zäit a Ressource kéinte bei der Steierverwaltung agespuert ginn?
Wäert d'Steierverwaltung dozou iwwergoen, fir an Zukunft Bréiwer via myGuichet un d'Betriber ze verschécken?

- Falls jo, ab wéini wäert dat méiglech sinn?
- Falls jo, wäert et fir d'Betriber dann d'Méiglechkeet ginn, fir Bréiwer vun der Steierverwaltung just nach iwwert de myGuichet, awer net méi a Pabeierform, ze kréien?
- Falls nee, firwat ginn et heifir nach keng Pläng?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten